

## Pressekonferenz vum 27. September 2016

„An Haffen“, 13, rue des Trois Cantons, L-3980 Wickrange

Gudde Mëttig léif Legd,

Här Minister,  
Léif Membere von der Agrarkommissioun,  
Léif Gewerkschafts- a Pressevertrieder,

Fir dës Aktioun besser verstoen ze können, géif ech fir d'Éischt e bëssen aushuelen, a kuerz erklären wee mer sënn a wéi mer op dës Iddi koumen. Mer sënn all Baueren oder am nogelagerte Beräich von der Landwirtschaft beschäftigt.

Ech géif Eech kuerz déi bedeelegt Persoune virstellen:

- Ben MAJERUS vo Wickreng a Pit NOTHUMB vo Platen, Limousinsziichter
- Jil PLETGEN, Mëllich- a Fleeschbauer vo Waalsdref
- Fränz SCHLECHTER vo Reiler, Mëllichbauer
- Fränky PELLER vo Meespelt, Mëllichbauer
- Xavier REIFF vo Leetem, Mëllichbauer
- Marc JACOBS von Dienjen, landwirtschaftliche Beroder
- Jérôme REUTER vo Wëntger, landwirtschaftliche Beroder

Mer sënn all méi oder manner intensiv an den Oorbichtsgruppen von der *Lëtzeburger Landjugend a Jongbaueren* engagéiert.

D'lest Joer ass dunn d'Iddi entstan, dat mer de Legd d'Wichtigkeet von der Landwirtschaft erëm méi no bréngen missten. Et geet nik dor, sech just driwwer opzereegen, datt de Konsument nik méi weess, wou seng Liewesmëttel hierkommen, mee et muss ee probéieren, hien opzeklären. Ideologisch Gruppen honn et fäerdig kréit, an deene lesten 20 Joer de Bauer an een Eck ze drécken, wou heen entweder de Subsidienschmarotzer, den Ëmweltverschmotzer oder de Massendéierenhalter ass. **Näischt** dovonner stëmmt; et léisst sich ewer gutt domadder Stëmmung man a leider spillt d'Press oft dobäi mat.

D'Landwirtschaft hott et ewer o an deene leste Jore verpasst, fir sech gutt dobaussen ze vermarkten. Et héiert een de Bauer oft kloen; mee dobäi ass heen e gebuerenen Optimist, heen investéiert o a Krisenzäiten an eng nei Rekolt! Esou munchereen géif a senger Plaz d'Bengelen bei Tromm wärfen.

### **Nohaltegt Denken**

Sengt Denken ass nohaltig, well nëmmen dat garantéiert d'Fortbestoe va sengem Betrib iwwer Generatiounen. Heen ass spontan a fënnt ëmmer eng Léisung, well d'Natur ass nek esou planbar, wéi d'Ofleef an enger Fabrik.

Dofir verwonnert et nik, datt de Konsument engt falscht Bild von der moderner Landwirtschaft hott. Dat romantischt Bild, wat vill Legd am Kapp honn, ass numol nik méi Realitéit an dat schockéiert vill Legd. Mee, den Telefon hot hogd o keng Wielscheiw méi, dat nennt sich Fortschrëtt! Deen ass ewer o néidig, well et muss mat ëmmer manner Fläch, méi Bevëlkerung ernäert giänn.

Mer wëlle mat dëser Campagne engt objektivt Bild von der Landwirtschaft giänn - an dem Konsument erklären, wat déi modern Landwirtschaft leest. Dëst soll o e Géigepol zu den Interessegruppen dorstellen, déi d'Landwirtschaft zu Propagandazwecker an een Eck drécken.

### **Abstrus Diskussiounen ëm Pouletsstall**

Wann de Konsument Froen hot, soll heen déi stellen an hee krett eng objektiv Äntwert. Dëst ass o batter néidig, wéi déi zum Deel abstrus Diskussiounen ëm d'Pouletsstall hei zu Reckeng gewisen honn. O hei wor d'Argument von der Massendéierenhaltung e Scheinargument, fir perséinlich Interessen duerrich ze drécken.

D'Landwirtschaft ass e wichtige Wirtschaftszweig ewou o Gewënn erzielt muss giänn. Dat steet ewer nik am Widdersproch mat engern Déiereregerechter Haltung an der Schounung vo Ressourcen. Neen, et sëtzt dat viraus, fir op laang Siicht produktiv schaffen ze können. E Bauer muss a Generatiounen denken. Mee duerrich ëmmer méi Oplagen an nei Preisdumpinger gëtt et fir déi hiesig Landwirtschaft ëmmer méi schwéier ze iwwerliewen.

Ech denken, de Konsument wëll keng réng Importprodukter, wou d'Qualitéit fraglich ass. De Lëtzeburger Bauer well o nik zum rénge Landschaftspfleger giänn. Dofir ass et am gemeinsamen Interessi eng staark a kompetitiv Landwirtschaft ze erhalen, a mer denken, dat muss dem Konsument am Geschäft bewosst giänn, wou heen de Choix hot tëschent regionaler Herkunft a Produkter aus Übersee. (O an de Kantine misst Zréckgräifen op regional Produkter selbstverständlech sënn. Aus Präisgrënn gëtt dat ewer nik gemaach, wéi den Här Meisch an enger QP vom Martine Hansen geäntwert hot. Et kann nik sënn, datt et duerch en zentralen Akof fir déi kleng Produzenten onméiglech ass, a staatlich Kantinen ze liwweren! Mee, dat ass jo o vläicht esou gewollt!)

Et sënn also Méiglechkeeten do, fir d'Lëtzebuerger Landwirtschaft ze stärken, mee et fänkt mat der Wahrnehmung vom Bauer an der Gesellschaft on. Déi muss erëm verbessert giänn, fir datt sich o bei anere Problemer opt laang Siicht eppes ännert.

Ech wor selwer a Kanada an engem Praktikum. Wann een de Stelleväert von der Landwirtschaft do mat deem von hei vergläicht, da gëtt et engem schlecht. D'Liewesmettel sënn do relativ deier o wann se zum Groussdeel aus Kanada selwer stamen. Déi meest Legd kennen na e Bauer a respektéieren en.

Vläicht läit do den Ënnerscheed zu äis hei, datt d'Liewesmettel na e Wäert hon a nik verramscht giänn, an d'Produzenten dowéinst na méi respektéiert giänn.

Dofir o dës Image-Campagne, mat enger Internetsäit - déi opklären an erkläre soll - a Panneauen, déi op d'Wichtigkeet von der Landwirtschaft heweisen sollen. Déi weisen, wéi eng Bäitrag d'Landwirtschaft fer d'Gesellschaft leest, di ewer oft vergeess giänn.

*Ech giänn domat d'Wuert elo on de Marc Jacobs.*

### **Wat ass d'Iddi hanner eise Panneauen?**

D'Käraufgab van eiser Landwirtschaft ass a bleift d'Produktioun va qualitativ héichwärtige Liewesmettel. Wéi sot eng Kéier e weise Mann:

Eng Kéier am Liewe brauchs de en Affekot; eng Kéier am Liewen een Dokter. Mee, dräi Mol am Dag – an dat moies, mëttes an owes - brauchs de e Bauer fir eppes eessen ze kënnen!

**Eis iischt Serie** vu Panneauen suggeréiert, datt gesond a sécher Liewesmëttel, een enormen Bäitrag on der héiger Liewesqualität leesten. Nëmme eis Grousseltere woossen na, wat et heescht, richtig Honger ze hann. Dës Errungenschaft ass der moderner Landwirtschaft ze verdanken.

**Eis zweet Serie** weist op e Bäitrag van der Landwirtschaft hënn, deen dacks vergeess gëtt, nämlich d’Gestaltung von eiser Kulturlandschaft, wéi mer se kennen. Eis oppe Kulturlandschaft mat Wissen, Felder, Bëscher an Hecken ass nëmme duerrich eng Jorhonnertelaang landwirtschaftlich Nutzung entstannen. Dëst hot eis Biodiversitéit méiglech gemat a gëtt esouger an eiser Nationalhymne besongen. Soss wir hei nëmme Besch a nik eis Heemicht, wéi mer se all kennen.

An **eiser drëtter Serie**, wëlle mer Eech engt Bild giänn, wee mer sënn, Legd déi zu hirem Berouff stinn an déi fir hir Déieren, hir Kulturen a – virun allem - fir Eech do sënn!

**Bauer sënn, ass Passioun pur.** Op de Panneauen ass keng Märchelandwirtschaft ze gesinn esou, wéi dat oft am Fernseh gewisse gëtt. Eis regional Landwirtschaft huet näischt mat *Bauer sucht Frau* ze dinn! Si ass ewer o net mat der düsterer Masseproduktioun gläichzesetzen, wéi munch Spendenorientéiert Veräiner et suggeréieren wëllen.

Eist Haaptaleies ass et, de Konsument opzeklären - mer wëllen dat am Dialog maachen. Well mer se gär gewëllt, dat ze produzéieren, wat de Konsument freet. Mee de Konsument muss sech bewosst sënn, dat all Méiopwand honoréiert muss giänn.

Iwwert eis Internetsäit an eis Road-Showën wëlle mer mat Eech Konsumenten a Kontakt kommen. Mer se gespannt op Är Froen a sti gär Ried an Äntwert. Mer wäerten an de Wanterméint eng Roadshow op verschiddene Plaze lancéieren, fer esou direkt mam Konsument an d’Gespréich ze kommen. Mer sënn der fester Iwwerzeugung, datt domadder ganz vill Viruerteeler iwqer di heutig modern Landwirtschaft aus dem Wee geraumt kënne giänn.

Dofir huet Eech eise Slogan zu Häerzen a **Fro de Bauer!**

An all eis Berouffskollegen dobaussen, jidderen van eis kann aktiv Öffentlichkeetsaarbicht bedriewen, oder sech on eisen Aktiounen bedeeigen. Der kann Eech gären bei eis mellen, wann Der mat eis aktiv wëllt giänn. Mer wellen eng grouss Campagne an Zesammenaarbicht mat anere Gruppen di

datselwuscht Uleies ho, wi mer. Loosst eis dofir all zesammen on engem Strang zéien fer de Konsumenten d'Wichtigkeet von eisem Berouff ze weisen!

Esou e Projet wéi deen heiten, gräift een natierlich nik aus der Loft. D'Initiatoren an all déi gehollef honn, ha vill Zäit an Engagement heidra gestach. Hei ee grouse Merci!

E wegdere Merci geet on eis Grafikagentur *Human Made* mam Patrick Schäfer a *Lightbulb* fer den Design von der Internetsäit; geet o a CONVIS fer d'Bereetstelle von de Fotoen an d'Hëllef beim Ausschaffen vom Konzept. Ee ganz grouse Merci geet an déi freier Véiversécherung ëm hire President Albert Huberty an de Landwirtschaftsminister, fir déi finanziell Ënnerstëtzung.

Zum Schluss géife mer eis freeën, wann den Här Albert Huberty d'Wuert ergräife kënnt, fir dono dem Här Minister Fernand Etgen d'Schlusswuert ze iwwerloossen.